

Institut St Joseph
2, rue de Wecker
L-6832 Betzdorf

+ 352 71 93 19-1
isjb@elisabeth.lu
elisabeth.lu

Yolande asbl – Institut Saint Joseph Informationen iwwert d'Veerarbeitung vu perséinlechen Daten

De 25. Mee 2018 ass d'Dateschutz EU-Reglement (franséisch: *Règlement général sur la protection des données* - RGPD) a Kraaft getrueden. Dëst heescht, datt e Betrib oder eng Organisatioun, déi an der EU ass a perséinlech Informatiounen iwwert Leit verschafft, sech un d'Dateschutz-Gesetzter muss halen. Zum Beispill muss e Betrib seng Clienten informéieren, firwat Date vun hinne verschafft ginn a wéi eng Rechter eng Persoun huet. Am folgenden Text stinn dës Erklärungen.

1. Wat si perséinlech Daten ?

Perséinlech Date sinn Informatiounen iwwert eng Persoun. Dës Daten, wéi z.B. Numm, Gebuertsdatum, Telefonsnummer, Adresse, ... erlaben eng Persoun ze erkennen.

Niewent dese „gängegen“ Daten, déi verschafft kënne ginn, kann et virkommen, datt e Betrib oder eng Organisatioun och „sensibel“ Informatiounen verschafft. „Sensibel“ Date sinn Informatiounen iwwert d'Gesondheet, d'Relioun, d'Gewerkschaftszougehéieregkeet, d'sexuell Orientéierung, genetesch a biometresch Daten, d'ethnesch Hierkonft, politesch a philosophesch Iwwerzeegungen.

2. Wien ass fir d'Veerarbeitung vun den Date verantwortlech a wie ka kontaktéiert ginn, wann eng Persoun hier Rechter ausüben wëll (Punkt 8.)?

Verantwortlech fir d'Veerarbeitung vun de perséinlechen Daten ass d'Ariichtung

✉ Institut Saint Joseph
Direction
2, rue de Wecker
L-6832 Betzdorf
☎ 71 93 19-1
@ ISJB@elisabeth.lu

Fir déi administrativ Aarbechten auszeüben, gëtt d'Ariichtung vun der Gesellschaft "Apollonia sa sis" ënnerstëtzt, déi och zum elisabeth-Grupp gehéiert. Den elisabeth-Grupp huet en Dateschutzbeoptraagten; dat heescht eng Persoun, déi bei Froen zum Dateschutz zur Verfügung steet.

Den Dateschutzbeoptraagten ass ze errechen iwwer:

✉ Délégué à la protection des données
Elisabeth
22, boulevard Joseph II
L-1840 Luxembourg
☎ 45 07 74 1
@ dpo@elisabeth.lu

3. Wéi eng perséinlech Date gi verschafft ?

Wann eng Persoun mat der Ariichtung Kontakt ophëlt oder vun dëser betreit gëtt, verschafft d'Ariichtung, also Direktioun an d'Mataarbechter, perséinlech Date vun dëser Persoun.

Folgend perséinlech Date kënnen verschafft ginn :

- Identifikationsdaten, also Informatiounen iwwert déi eng Persoun identifizéiert ka ginn (Numm, Adresse, ...);
- perséinlech Detailler (Gebuertsdag, Familljestand, ...);
- biographesch Informatiounen (Schoul- a beruflech Ausbildung, Gewunnechten, Fäegkeeten, Virleiften, Ofneigungen,...);
- Daten iwwert d'Akomes; ;
- Daten iwwert d'Ëmfeld (Famill, Frënn,...);
- Informatiounen iwwert d'Bankverbindung (Kontosnummer, Numm vun der Bank)
- weider Informatiounen déi noutwendeg si fir de Kontrakt ze erfëllen.

Niewent dësen Date ginn awer och „sensibel“ Informatiounen verschafft:

- Informatiounen iwwert Gesondheet (Krankheeten, Allergien, Berichter vun Dokteren, ...);
- ethnisch Hierkonft;
- reliéis Iwwerzeegungen;
- a sexuell Orientéierung.

Dës ganz sensibil Informatiounen gi just verschafft, wann se néideg si fir eng Persoun ze betrieien an ze fleegen, de Kontrakt ze erfëllen oder eng Persoun der Ariichtung d'Erlabnis gëtt dës ze verschaffen. D'Mataarbechter müssen d'Persoun medezinesch betrieien a fleegen an hunn dofir och per Gesetz d'Erlabnis perséinlech Daten iwwert Gesondheet ze verschaffen. All Mataarbechter ënnersteet der Schweigeflicht, d.h. si dierfe kenger Persoun oder Organisatioun, perséinlech Date weiderleeden, wann dës net berechtegt ass dës ze kréien.

D'Ariichtung verschafft och perséinlech Daten iwwert eng Persoun, déi der betrieiter Persoun nosteet oder berechtegt ass am Numm vun der betrieiter Persoun ze handelen. Vun dëser Persoun gi Kontaktdate verschafft fir datt d'Mataarbechter déi Persoun bei Froe an am Noutfall ka kontaktéieren.

4. Firwat verschafft d'Ariichtung déi Informatiounen?

Dës Date gi virun allem aus folgende Grënn verschafft:

- Organisatiounen vun der Opnam vu Persounen an eise Strukturen,
- Gestioune vun de Gruppen, der Betrieiung, der Verfleegung, dem Transport a vun der Dagesbetrieiung,
- Fleeg a medezinesch Betrieiung vun der Persoun,
- Berufflech Orientéierung,
- Féiere vun de Fleege- an administrativen Dossierien,
- Duerchféiere vu Verwaltungsarbechten (Comptabilitéit a Verrechnungsarbechten, Personalverwaltung, Finanzen, Informatik, ...),
- Garantéiere vun der Sécherheet (Erstelle vu Presenzlëschten, ...).

D'Verschaffe vu perséinlechen Date geschitt op Basis vu folgende Grënn:

- d'Ariichtung huet e Kontrakt mat der Persoun ënnerschriwwen (RGPD Artikel 6 (1) b);
- d'Traitement ass iwwert Gesetz oder Konventiounen geregelt an obligatoresch (RGPD Artikel 6 (1) c);
- eng Persoun huet hiert Averständnes ginn (RGPD Artikel 6 (1) a);
- d'Ariichtung huet aner gerechtfäerdigt Grënn (z.B. Sécherheitsgrënn) (RGPD Artikel 6 (1) f);
- fir datt d'Personal an enger Noutsituatioun richteg handelt (RGPD Artikel 6 (1) d), oder d'Persoun fleegen (RGPD Artikel 9 (2) h)

5. Wéi ginn dës Date verschafft a geschützt ?

Perséinlech Date ginn iwwert schrëftlech Dokumenter (Formularen) gesammelt, iwwer Pabeierdokumenter an a Computer-Programmer verschafft. Fir d'Fleeg ze dokumentéiere gëtt och Bildmaterial (Fotoen, ...) benotzt. De Punkt 4. erkläert firwat.

Perséinlechen Date ginn iwwert verschidde Moosname geschützt, z.B.:

- just déi Mataarbechter hunn Zougang, déi dës Informatiounen fir hier Aarbecht brauchen ;
- Büroen oder aner Raim (z.B. Archiv) ginn zougespaart ;
- Zougang zum Computer ass iwwert Passwierder geschützt.

Wa Risike betreffend d'Sécherheet/d'Vertraulechkeet vu perséinlechen Date bestinn, gi vun de Responsabel weider Moosnamen agefouert.

Perséinlech Date ginn innerhalb vun der EU stockéiert an net a Länner iwwerdreien, déi manner strikt Dateschutzreegelen hunn.

6. Mat wem tauscht d'Ariichtung perséinlech Daten aus?

Wann noutwendeg (well e Kontrakt besteet, well et duerch Gesetz noutwendeg ass oder fir enger Persoun hier Sécherheet a Betreieung ze garantéieren), kënnen eenzel perséinlech Date vun enger Persoun un eng aner Persoun, Organisatioun oder eng Verwaltung weidergeleet gi fir d'Zesummenaarbecht, d'Betreieung an d'Fleeg ze garantéieren :

- öffentlech Institutionen oder Administratiounen (z.B. Ministère de la Famille et de l'Intégration, ...)
- Organisationen, déi eng Kontroll iwwert d'Ariichtung ausüben (z.B. Krankekeesen, Fleegeversécherung, ...)
- Fournisseuren, mat deenen d'Ariichtung zesummeschafft (z.B. Assurancen, Informatik,...)
- Personal aus dem Gesondheetswiesen (z.B. Kiné, Dokteren,...)
- Schoulen oder Betriber an deenen eng Persoun, déi bei eis betreit gëtt, léiert oder schafft.

7. Wéi laang hält d'Ariichtung perséinlech Daten?

Dëst hänkt vum Zweck of, firwat déi perséinlech Date gebraucht ginn. Verschidde perséinlech Date mussen méi laang gehale ginn, well d'Gesetz dëst virgesäit. No dëser Zäit ginn déi perséinlech Date geläscht.

8. D'Rechter vun de Persoune vun deenen d'Ariichtung perséinlech Date verschafft

Recht op „Auskunft“ - den eegenen Dossier consultéieren

Persounen hunn d'Recht ze wëssen, ob Date verschafft ginn, wéi eng Date verschafft ginn a wat d'Ariichtung mat dësen Date mécht. Eng berechtegt Persoun kann eng Kopie vu hiren Daten ufroen.

Falsch Daten

Wann d'Ariichtung perséinlech Date falsch notéiert huet, kann eng Persoun froen, datt dës verbessert ginn.

Date läschen, nëmmen zum Deel notzen a Widdersproch zum Verschaffen

Wann eng Persoun der Meenung ass, datt d'Ariichtung déi perséinlech Daten net méi braucht, ka si ufroen datt Date geläscht oder nëmmen zum Deel verschafft ginn.

Ausnamen:

- d'Gesetz geséit vir, datt verschidde perséinlech Date gehale ginn. An deem Fall ginn d'Daten no dëser Frist geläscht ;

- d'Ariichtung huet wichteg Grënn fir déi Daten ze verschaffen an dës Grënn zwéngen d'Ariichtung, Date weider ze notzen an ;
- d'Grënn si méi wichteg, wéi d'Dateschutz-Rechter vun enger Persoun ;
- d'Ariichtung braucht Date fir sech virum Geriicht ze verdedegen.

Awëllegung zeréckzéien

Eng Persoun kann eng Awëllegung, déi se ginn huet zu all Moment zeréckzéien.

Iwwerdroe vu perséinlechen Daten

Wann et technesch méiglech ass an d'Sécherheet garantéiert ass, kann eng Persoun froen, datt hier perséinlech Daten elektronesch un en anere Betrib oder Organisatioun weidergeleet ginn.

Automatesch Décisiounen verweigeren an ufechten

Eng Persoun ka verweigeren, datt e Computer eng Décisiounen betreffend eng Persoun hält ouni datt eng mënschlech Analyse gemaach gouf an eng Persoun kéint och esou eng Décisioun ufechten.

Recht op Reklamatioun

Wann eng Persoun der Meenung ass, datt d'Ariichtung net laut Gesetz mat perséinlechen Daten ëmgaangen ass, kann déi betrafte Persoun eng Reklamatioun bei der „Commission nationale pour la protection des données“ (CNPD) areeche www.cnpd.lu. Dës Kommissioun ass zu Lëtzebuerg zoustänneg fir den Datenschutz.

Dës Informatioun gëtt reegelméisseg iwwerpréift. Läschte Stand: 2024-01.